ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16.06.2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an den Här Minister fir bannescht Sëcherhëtt weiderzeleeden.

Laut engem « tageblatt »-Artikel vun haut hätt den « fichier central » bei der Police eng (wann och bedenklech respektiv diskutabel) « base légale » gehat op Basis vun engem Arrêté vun 1992 deen awer spéitstens zanter Juni 2018 net méi a Kraaft war. Dëst wier och net méiglech gewiescht op der Basis vun der EU-Dateschutzdirektiv déi zanter Mee 2018 a Kraaft ass.

- Laut mengen Informatiounen gëtt et en « Dateschutzbeoptraagten » bei der Police. Wéi organiséiert deen seng Aarbecht ? Ass him net opgefall dat en « fichier central » ouni « base légale » gefouert gouf ? Huet hien ni an dësem Sënn e Rapport gemaach respektiv dës Tatsaach an engem Rapport ernimmt ?

- Wa neen, firwat war hien der Meenung dat den « fichier central » kee Problem a Punkto Dateschutz géif duerstellen ?

- De Parquet huet och zanterdeem Zougréff gehat a geholl op dee fichier. Ass dat net eng Infraktioun zum Dateschutzgesetz ? Wéi erkläert sech de Justizminister dat dësen graven Ëmstand kengem opgefall ass , an dat ausgerechent bei de'er Autoritéit déi zoustänneg ass fir Infraktiounen géint Gesetzer ze poursuivéieren ?

- Wéi eng Konsequenzen gedenkt den Justizminister aus dësem Constat zéien ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding,

Deputéierten